ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, de 19. Februar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landesplanung weiderzeleeden:

Um Internet liest ee Folgendes zum Projet "Luxembourg in Transition": "une consultation urbano-architecturale et paysagère *Luxembourg in Transition – Visions territoriales pour le futur décarboné et résilient de la région fonctionnelle luxembourgeoise* vise à réunir des propositions stratégiques d'aménagement du territoire et à produire des scénarios de transition écologique à l'horizon 2050".

Am Kader vun dësem Projet gouf vum Minister ee berodende Kommitee zesummengesat, zu deem, nieft verschiddene Kummeren, dem Liser, dem STATEC, dem Syvicol, dem Mouvement écologique, den Architekten asw., och d'ASTI (Association de soutien aux travailleurs immigrés) gehéiert.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister fir Landesplanung:

1. Aus wat fir engem Grond huet den Här Minister d'ASTI an dëse Komitee beruff?
2. Wou gesäit den Här Minister d'Kompetenze vun der ASTI an de Beräicher "consultation urbano-architecturale" an "consultation paysagère"?
3. Wat verspréicht sech den Här Minister vun der Participatioun vun der ASTI?
4. Wéi eng Ziler aus de Statute vun der ASTI passe bei d'Ziler vun dësem Projet?
5. D'ASTI ass bekannt derfir, fir och politeschen Aktionismus ze bedreiwen, an kämpft vehement fir seng kloer politesch Ziler. Riskéiert eng Abezéing vun esou enger Associatioun net d'Objektivitéit an d'Neutralitéit vun den Aarbechten a Gefor ze bréngen?
6. Ass d'ASTI an den Ae vum Minister representativ, a wa jo, a wéi engem Sënn a fir ween?
7. Kann den Här Minister eis soen, wéi vill Memberen d'ASTI an deem Gremium stellt?
8. Plangt den Här Minister an deem Kontext och nach aner Associatiounen an Institutiounen mat anzebezéien, wéi z.B. d'CGFP, d'Actioun Lëtzebuergesch, de COSL, d'UGDA, de Bistum, d'Caritas, de Gaart an Heem, d'Amiperas, d'ALEG, d'Guiden a Scouten... ?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**